



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2017

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

All Joer gi fir Nationalfeierdag eng grouss Zuel u Matbierger fir hir Verdéngschter ausgezeecht. Dëse System wor eng laangjäreg Traditioun, déi ville Leit Freed gemaach huet. Dëst Joer ass et zu verschiddeenen Ännerunge komm. Et schénge esou ze sinn, datt d'Zuel vun den Decoratiounen erofgesat gouf an d'Kritären, fir esou eng Auszeechnung ze kréien, verännert goufen.

An deem Zesammenhank wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ännerunge goufen 2016 an 2017 bei den zivillen Uerde virgeholl an aus wéi enge Grënn?
2. Huet sech d'Zuel vun den Distinctiounen, déi accordéiert goufen, doduerch verännert?
3. Wa gewëssen Automatismen bei den Distinctiounen net méi solle gëllen, wéi gëtt séchergestallt, datt d'Meritte vun enger Persoun net no parteipolitesche Kritäre beuerteelt ginn?
4. Wéi wëllt d'Regierung bei deene Persounen, déi am ëffentlechen Déngscht sinn, op eng objektiv, onparteilech a gerecht Manéier d'Meritte bestëmmen? (Art. 1 vum Arrêté grand-ducal vum 16. Juli 2016) Wéi ass d'Prozedur, déi zu enger Recommandatioun vum "ministre du ressort" no Artikel 4 vun deem Arrêté soll féieren?
5. D'Regierung beméit sech drëm, bei den Distinctiounen keen Ënnerscheid tëschent dem ëffentlechen an dem private Sektor ze maachen. Wéi wëllt d'Regierung sécherstellen, datt si all déi Persounen, déi net beim Staat schaffen a Meritte fir d'Land hunn, kann erfaassen an éieren?
6. Mam Datum vum 5. Juni 2014 gouf eng Kommissioun aberuff "*qui a pour mission de définir et d'organiser l'attribution des distinctions honorifiques*". Dräi vun de Membere missten, dem Arrêté grand-ducal no, "*personnalités marquantes de la vie politique luxembourgeoise*" sinn, also keng Beamten. No wéi enge Kritären a Qualifikatiounen goufen déi dräi

Perséinlechkeeten erausgesicht, déi aktuell an deem Gremium e Sätz hunn an déi den 30. November 2014 genannt goufen?

7. Denkt d'Regierung drun, d'Méiglechkeet vu posthumen Distinctionen anzeféieren?
8. Denkt d'Regierung drun, bei deenen Decoratiounen, wou et dat nach net gëtt, och Bijoue fir d'Dammen anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten